Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# D'Liicht weiderschenken

Ee vun deene bedeitendste Momenter an der Ouschternuecht ass sécherlech deen, wou un engem geseente Feier d'Ouschterkäerz ugefaang an dann an déi däischter Kierch gedroe gëtt. D'Feier vun der Ouschterkäerz gëtt un déi vill kleng Käerze vun de Leit verdeelt. D'Nuecht an och d'Kierch gëtt duerch d'gedeelte Feier erhellt. D'Däischtert ass gebrach. Mir kréien d'Liicht vu Gott geschenkt, jo, mir ginn duerch Säi Wierke gerett! Dëst Liicht erhellt eist Liewen, mir sollen et an äis droen. Mee wa mir et an äis droe sollen, dann heescht dat net, datt mir et just fir äis behalen, nee, mir sollen d'Liicht vu Christus weiderschenken, mir sollen Zeeche vum Härgott Sengem Liicht ginn. Mir solle selwer zu engem Zeeche vun Hoffnung ginn, mir si beruff et bei all déi Mënschen ze droen, déi keng Hoffnung méi hunn, déi sech eleng, verstouss, net verstane spieren, bei all déi, déi keng Orientéierung méi hunn, déi, déi komplett vun enger Däischtert ëmgi sinn.



D'Feier fir d'Ouschternuecht zu Fëschbech gouf dëst Joer an der Mëtt vum Kierfecht ugefaangen. Mir hunn äis um Ufank do versammelt, wou mir ganz vill däischter Momenter erliewen. Et ass déi Plaz wou mir Familljemememberen a Frënn begruewen a wou sech bei all Dout eng Däischtert opdeet. D'Liicht vum Feier huet och do d'Däischtert gebrach. Duerch dëst Liicht konnte mir d'Nimm op de Griewer gutt erkennen. Jo, d'Liicht vu Gott schenkt och eise Verstuerwenen Hoffnung a Gebuergenheet, an all deenen, déi ëm se traueren, Trouscht a Courage. Gestäerkt a geleet duerch dëst Liicht konnte mir déi Zäit ufänken, op déi mir äis während e puer Woche virbereet hunn: d'Ouschterzäit! Mir sinn net eleng gelooss, nee, Gott begleet an dréit äis, Hie schenkt äis Orientéierung an Zukunft.

Wat bedeit et eigentlech: d'Liicht vu Gott ophuelen an et weiderschenken? Als Chrëschte si mir beruff d'Wuert vu Gott an eisem Liewen opzehuelen. Mir solle versichen äis ëmmer méi mat Sengem Message auseranerzesetzen an et lieweg ginn ze loossen. Wat liesen ech am Evangelium? Wat wëll de Jesus mir/äis soen? Wéi kann ech dëst a mengem Alldag liewen? Andeems ech versiche Seng Gutt Noriicht a mengem Liewen ze verankeren, et lieweg ginn ze loossen, ginn ech e liewegt Beispill vu Sengem Wuert. Säi Liicht ass dann net nëmmen eng Theorie, mee eng geliefte Realitéit.

An dëser Ouschterzäit kréie vill Kanner fir d'éischte Kéier d'Hl. Kommioun. Während enger gewësser Zäit bereeden se sech op dëse grousse Moment vir. A grad haut stelle vill Leit sech d'Fro: wéi wäert et an Zukunft sinn? Wéi wäerte mir d'Katechese an Zukunft garantéiere kënnen? Ech sinn iwwerzeegt, datt mir och an Zukunft an eise Porgemeinschaften eng uerdentlech Katechese (an net nëmme fir d'Kanner vun der 1. Hl. Kommioun) organiséiere kënnen. Do ass den theoretesche Volet sécherlech ganz wichteg. Mee nach méi wichteg ass et, datt all déi, déi sech op e Sakrament virbereeden, och eng lieweg Gemeinschaft virun an ëm sech hunn. Wann e Mënsch sech op e Sakrament virbereet an e begéint anerer, déi versiche genee dat ze liewen, wat de Jesus äis verkënnegt, ma ech denken, dann ass schonns e groussen Deel vun der Katechese gemaach, oder? Mir dierfen net vergiessen, datt mir e Liicht fir anerer sollen / däerfen / kënne sinn an datt mir all eng Verantwortung hu vis-à-vis vu Gott, Sengem Message an all deenen, déi op der Sich sinn.

Eng weider wichteg Zäit erliewe mir duerch eis Oktav, déi grouss Pilgerzäit, wou vill Mënschen sech opmaache fir, eleng oder an der Gemeinschaft, mat hire Suergen, Wënsch, Froen, Freet a Gedanke virun d'Gnodebild ze trieden. Duerch d'Maria ass äis och e Liicht geschenkt, jo, d'Tréischterin selwer gëtt äis e Beispill, wat et bedeit säi Liewen aus dem Vertrauen op Gott eraus opzebauen. Einfach groussaarteg ass déi Tatsaach, datt viru kuerzem d'Fundamenter vun der éischter Glacis-Kapell erëmfonnt goufen. An dëse Steng ass souzesoen d'Liicht nach ze spiere vun all deene Mënschen, déi virun äis bei d'Muttergottes gepilgert sinn. Mir reien äis an an dee grousse Pilgergrupp, deen zënter esou laanger Zäit schonns ënnerwee ass an och hei solle mir versichen, datt dës Traditioun, jo, nach méi, datt dës grouss Gebietszäit vun der Lëtzebuerger Kierch erhale bleift. Ech wënschen äis all, datt mir an dëser Zäit, an doriwwer eraus, dem Härgott Säi Liicht erliewen an datt mir et verstinn, duerch eist Liewen et anere Mënsche weiderzeschenken.

***Abbé Romain Richer***

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 44743-563 – E-mail: landjugend@pt.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Jorescotisatioun: 14€

*Landjugenddag 2016*

# Häerzlech Wëllkomm op der 42. Editioun vum Landjugenddag



Am Numm vun der Landjugend Zenter lueden ech Iech alleguerte ganz häerzlech an op den 42. Landjugenddag.

No der Organisatioun duerch eise regionale Landjugendgrupp vum 4. Landjugenddag zu Groussbus (1978), 12. Landjugenddag zu Useldeng (1986), 20. Landjugenddag zu Brouch/Mariendall (1994), 28. Landjugenddag am Préizerdaul (2002) a 35. Landjugenddag zu Ell (2009), treffe mir äis hoffentlech dëst Joer, de 5. Mee zu Biekerech am „Wëlle Westen". Et ass deemno fir déi sechste Kéier, datt den „Zenter" alles dru setzt, fir datt och déi 42. Editioun vum Landjugenddag e Succès ka ginn.

A menger Funktioun als President sinn ech deemno besonnesch houfreg op déi aktuell Equipe vun der Landjugend Zenter, déi mat grousser Begeeschterung a fläissegem Asaz un de Preparatioune vun dësem groussen Evenement bedeelegt ass. Och wann esou eng Manifestatioun fir den Organisatiounscomité ganz vill Aarbecht an Nerve kascht, si seng Memberen all iwwerzeegt, datt si Iech dëst Joer op en Neits en ofwiesslungsräiche Programm an e spannende Rallye mat vill Nervenkitzel ubidde kënnen.

Duerch de Millewee a Richtung Hitten, iwwert de Leiterengshaff an duerch déi schéi Bëscher vun der Gemeng Biekerech, fënnt Jonk an Al, Grouss ewéi Kleng, mat Sécherheet d'Geleeënheet fir nei Bekanntschaften ze maachen an dobäi e flotten Dag ze verbréngen. Och un déi Allerklengst hu mir geduecht, esou datt de ganzen Tour vum Rallye mat der Kannerkutsch befuerbar ass.

Loosst mech vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Verantwortleche vun der Gemeng Biekerech, dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, an all eise Sponsoren e grousse Merci ze soen, fir hir Ënnerstëtzung. Ouni hir Hëllef wier et äis net méiglech, dësen Dag ze organiséieren. E besonnesche Merci geet awer och un all eis Memberen, Ancienen an all Eenzelnen, deen äis op verschiddenst Manéier ënnert d'Äerm gegraff huet an och um Dag selwer aktiv ass, fir näischt dem Zoufall ze iwwerloossen.

***Fränz Kass***

*President vun der Landjugend Zenter*

*Regionale Landjugendgrupp „Zenter"*

# Eng staark Equipe

De regionale Landjugendgrupp „Zenter" bréngt déi jonk Leit aus der Landwirtschaft an aus dem ländleche Raum zesummen. D'Wuerzele vum „Zenter" ginn an d'Joer 1970 zréck. Am Fënsterdall koum de Grënnungscomité zesummen an huet de Marcel Erpelding vun Tënten zum éischten Zenter-President ernannt.

Den „Zenter" gehéiert der nationaler Vereenegung vun der „Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer" un.

Den „Zenter" zielt am Moment iwwert 300 Memberen, déi haaptsächlech aus de Kantone Miersch a Réiden kommen. De

*Weider op der Säit 8*



*Den Organisatiounscomité vum 42. Landjugenddag*
*Viischt Rei (v.l.n.r.): Franky Peller, Anne Steichen, Marthy Binck, Nelly Meyers, Sammy Albers, Fränz Kass*
*Hënnescht Rei (v.l.n.r.): Louis Majerus, Gilles Cleesen, Michel Meyers, Christian Origer, Laurent Meyers, Andy Weis*

*Fortsetzung vun der Säit 7*

Landjugendgrupp gëtt vun engem Comité vun 11 Leit geleet.

Nieft der Berodung, den Diskussiounen iwwert allgemeng Themen aus dem ländleche Raum oder der Entwécklungszesummenaarbecht zielt déi geeschteg Virbereedung op d'Liewen an op déi gesellschaftlech Erausfuerderungen zu den Haaptaufgabe vun eiser Organisatioun.

Mir bidden deene Jonken dofir regelméisseg Informatiounsowender iwwer beruffsspezifesch Froen un. Dësweideren organiséiere mir och all Joer een Inlandtour, wou mir en Industrie- an e Bauerebetrib kucke ginn. Ausser dëse méi seriéisen Aufgabe leeë mir awer och Wäert drop, vill fräizäitlech a kulturell Aktivitéite mateneen ze ënnerhuelen. Am Wanter probéiere mir eis Kenntnisser a Coursen ze verbesseren, wéi z.B. an engem Kachcours oder Danzcours.

Den „Zenter" huet sech mëttlerweil och mat sengem „Mähdreschercross" en Numm gemaach. Den 1. internationalen „Mähdreschercross" war den 10. September 1995 zu Rammerech. Vun do u gëtt de Mähdreschercross am Zwee-Jores-Rhythmus organiséiert an zielt an der Tëschenzäit iwwer 6.000 Spectateuren.

Am „Zenter" gëtt awer och d'Iddi vun der Solidaritéit mat mannerbemëttelte Länner an Afrika eescht geholl. Vun 1991 un organiséiere mir regelméisseg „Een Dag fir d'Entwécklungshëllef", wouvun den Erléis integral den Entwécklungsprojeten an Afrika vun der ONG „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l." zegutt kënnt.

***De Comité vum regionale Landjugendgrupp Zenter***




*Am Kader vum 42. Landjugenddag: d'Gemeng Biekerech stellt sech vir*

# Gemeng Biekerech – Um Wee zur Energieautarkie

D'Gemeng Biekerech ass mat hiren 8 Dierfer am Weste vum Land un der belscher Grenz situéiert a gehéiert zum Kanton Réiden. Kuerz virun der franséischer Revolutioun am Joer 1795 krut Biekerech de Statut vun enger Gemeng zougesprach.

Ewéi déi meescht Gemengen aus dem Norden a Weste war och Biekerech virun allem duerch landwirtschaftlech an handwierklech Aktivitéite geprägt. Bekannt am ganze Land woren am 19. Jorhonnert d'Biekerecher Kuerfmécher, déi mat groussem handwierkleche Kënnen aus de Weide beim Milleweier héichqualitativ Kierf hirgestallt hunn. Eng Kappweid am Logo vun der Gemeng Biekerech erënnert nach hautdesdaags un déi vergaangen Handwierkskonscht.

Mam Opkomme vun der Stolindustrie am Minette am Ufank vum leschte Jorhonnert, huet de Stellewäert vun der Landwirtschaft an der Regioun lues awer sécher ofgeholl. Mam Ënn vun der Schmuelspuer-Eisebunnslinn „Prince Henri" am Joer 1969 gouf den Aarbechtswee fir d'Biekerecher Schmelzaarbechter eng Zoumuddung, sou datt d'Gemeng an den nächsten zwou Dekaden ee regelrechten Exodus kënnegeléiert huet. Vun 1910 bis 1981 hat d'Gemeng Biekerech 30% vun hirer Populatioun verluer.

Mat der Grënnung vun der „Eaux Minérales de Beckerich" 1985 huet sech déi finanziell Situatioun vun der Gemeng erholl, wat de Wee opgemaach huet fir eng staark Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Biekerecher Bierger.

Klima- a Naturschutz krute Mëtt der 90er Joren eng zentral Bedeitung an der Gemengepolitik. A ville Projeten huet Biekerech als Grënnungsmember vum Klimabündnis Lëtzebuerg eng Pionéierroll am Land gespillt, sou z.B. 2004 bei der Installatioun

**D'Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer Zenter a.s.b.l.**

**invitéiert ganz häerzlech op den**

## 42. Landjugenddag zu Biekerech

**op Christi Himmelfahrt, en Donneschdeg, de 5. Mee 2016**

***Thema:***
Kommt an de Wëlle Westen – Do wëlle mir lech testen

***Programm :***

10:00 Auer **Jugendmass** mat dem Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich an der Porkierch zu Biekerech
Musikaleschen Encadrement duerch VoiceMotion

11:00 Auer **Éierewäin** am Pompjeesbau zu Biekerech ugebuede vun der Gemeng Biekerech

12:00 Auer **Mëttegiessen** bei der Sportshal
**Startschoss vum Rallye pédestre**
(den Tour vum Rallye ass mat der Kannerkutsch befuerbar)

13:00 Auer Dekanatsspill fir déi 7 Landjugendgruppen

Nomëttes **Animatioun fir Grouss a Kleng**
Concert vun der Ouljer Musek
Kaffi a Kuch

22:00 Auer **Präisverdeelung** an **Ofschlossbal** mat Nightlife DJ's

# Wëllkomm am „Wëlle Westen"

Fir d'éischte Kéier huet d'Gemeng Biekerech d'Éier, d'Lëtzebuerger Landjugend op de mëttlerweil 42. Landjugenddag op Christi Himmelfahrt ze empfänken. De Site vun der Sportshal ass 3 Deeg nom „Semi-Marathon des deux Luxembourg" um 1. Mee, mat iwwer 1.000 Leefer, fir d'zweet a kuerzer Zäit de sozialen Zentrum vun eiser Gemeng an Ëmgéigend.

Och um Landjugenddag bleift et sportlech mam traditionelle Fouss-Rallye an de Spiller op de fënnef Statiounen. Dobäi verleeft den Tour duerch ee vun de schéinsten Ecker vun eiser Gemeng, wéi z.B. laanscht déi wonnerschéi renovéiert Mille mam Milleweier oder de Mëlleschbuer, d'Quell vum Biekerecher Waasser.

Eng enk Verbindung zu der Landwirtschaft hu mer zu Biekerech nit alleng duerch d'Biogasanlag, déi vun enger Kooperativ vun 18 Bauere gefouert gëtt an déi ronn 180 Haushalter an de Groussdeel vun eise Gemengeninfrastrukture mat erneierbarer Energie versuergt. Grad eis jonk Bauere suerge bei äis fir nei Impulser a frësch Iddie fir der Landwirtschaft zu deem Stellewäert an der Gesellschaft ze verhëllefen, deen se verdéngt an de Kontakt tëschent de Konsumenten an de landwirtschaftleche Produzenten nees nei opliewen ze loossen.

Bleift mir zum Schluss den Organisateure vun der 42. Oplo vum Landjugenddag, der Lëtzebuerger Landjugend Zenter, ze felicitéiere fir dee flotte



Programm, deen se op d'Bee gestallt hunn an hinne Merci ze soen, fir déi agreabel Zesummenaarbecht am Virfeld vun dëser grousser Manifestatioun. Ech si mir sécher, datt de Succès fir dës Editioun vum Landjugenddag nit op sech waarde léisst.

Deemno getrei dem Motto vun dësem Joer, kommt all an de „Wëlle Westen"!

***Thierry Lagoda***
*Buergermeeschter*
*vun der Gemeng Biekerech*



vu gemeinschaftleche Photovoltaikanlagen op kommunalen Diech. Dat selwecht Joer wor de Start vum Fernwärmenetz, deen op den haitegen Datum 50% vu den Dierfer aus der Gemeng mat Hëtzes aus erneierbaren Energië versuergt.

Als staarke Partner bei der Energieproduktioun huet sech eng Kooperativ vun 18 Bauere gegrënnt, déi eng Biogasanlag op Méimerech mat enger Leeschtung vu 600 kW selwer finanzéiert hunn. 3 Joer drop wor d'Nofro no der lokal produzéierter Wäermt bei de Bierger esou gewuess, datt d'Gemeng gefuerdert wor, dës Demande mat enger Holzhackschnitzelanlag vun 2 MW ze decken. 2015 gouf ee weideren

*Weider op der Säit 10*




*Fortsetzung vun der Säit 9*

Holzuewe mat 2 MW opgeriicht, fir och an Zukunft de Bierger genuch Wäermt kënnen ze garantéieren.

Dës Engagementer hunn dozou gefouert, datt Biekerech 2015 mat 3 weidere Lëtzebuergesche Gemengen zu Leipzig fir hir ausseruerdentlech Leeschtungen am Klimaschutz mam internationale Präis „European Energy Award" ausgezeechent ginn ass.

Eng weider wichteg Auszeechnung kruten d'Biekerecher Bierger schonn 1996 fir hir jorelaang Beméiungen an der ländlecher Entwécklung, den europäeschen Duerferneierungspräis. Ee Präis, deen d'Gemeng Biekerech als eenzeg Lëtzebuerger Gemeng 2 mol krut. Dëst fir d'lescht 2014 zesumme mat den 9 weidere Gemengen aus dem Kanton Réiden.

D'Zesummenaarbecht tëschent den 10 Gemenge vum Réidener Kanton gouf an deene leschten 20 Joer zum Pilier vun der Entwécklung am Westen. Een Altersheim, eng Schwämm, eng Musekschoul an zwou Industriezone konnten nëmmen zesumme realiséiert ginn. Initiativen, wéi déi éischt Energieberodungsstell aus dem Land an eng regional Aarbechtsbeschafungsinitiativ fir Jonker sinn 2 weider erfollegräich Beispiller, wéi Innovatioun duerch Kooperatioun geschafe gëtt.

D'Gemeng Biekerech huet eng rasant Entwécklung an de leschten 30 Joer erlieft. Dës Entwécklung duerch déi sëlleche Projeten an der Gemeng an am Kanton gëtt och an den nächste Jore weidergedriwwen, dëst mam kloren Zil vun der Energieautarkie bis 2030.

***Gemeng Biekerech***

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

# Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht an Afrika

## *Scheckiwwerreechung vu BAKO*




En Dënschdeg, den 22. Mäerz 2016 hunn déi Verantwortlech vun der Bauere Kooperativ (BAKO) d'Vertrieder vun der ONG-D „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération" an d'Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend, Nelly Meyers, an hir Raimlechkeeten op Housen agelueden.

A Präsenz vum Landwirtschaftsminister Fernand Etgen hunn si e Scheck am Wäert vun 1.329,27 € un den Abbé Romain Richer (3.v.l.), President vun der ONG, an un de Carlo Schiltges (1.v.l.), Vize-President, iwwerreecht. Mat dësem Don – dee bestëmmt ass, fir

d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" ze ënnerstëtzen – weisen sech déi Verantwortlech vu BAKO erkenntlech, fir den Asaz, deen d'Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend op hirer Porte ouverte am September 2015 geleescht hunn.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D riichte mir e grousse Merci u BAKO fir dee schéine Gest zugonschte vun de Frae vu Soa. Informatiounen zu der Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" fënnt deen Interesséierten am ONG-News 2016 oder ënner www.jongbaueren.lu.

# Ënnerstëtzung duerch déi regional Landjugendgruppen




**_Ënnerstëtzung vun der ONG-D mat Hëllef vun Digicash_**

Dir kënnt d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG-D „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l." mat engem Don ënnerstëtzen, deen Dir mat Hëllef vun Digicash op Ärem Smartphone maacht.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir e grousse Merci fir all Ënnerstëtzung zugonschte vun eise Kooperatiounsprojeten an Afrika.

Eemol méi hunn déi regional Gruppe vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer hir Solidaritéit mat de mannerbemëttelte Bevëlkerungen an Afrika duerch generéis Schecken zum Ausdrock bruecht.

Op der Generalversammlung vum 11. Mäerz 2016 huet deemno de Comité vun der LLJ Maacher dem Abbé Romain Richer, President vun der ONG-D „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.", e Scheck am Wäert vu 750€ fir d'Kooperatiounsprojeten, déi mat Hëllef vun der ONG-D am Burkina Faso, am Kongo an am Kamerun ëmgesat ginn, iwwerreecht.

De Comité vun der LLJ Cliärref huet dem Abbé Romain Richer sengersäits am Kader vun der Generalversammlung vum 12. Mäerz 2016 e Scheck am Wäert vu 6.500€ matginn. Hire President Fränz Schlechter huet bei där Geleeënheet ënnerstrach, datt déi aussergewéinlech héich Zomm um Dag vun der Kooperatioun zesumme komm ass, deen de Grupp eng éischte Kéier de 4. Oktober 2015 mat groussem Succès zu Klierf organiséiert hat.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D geet e grousse Merci un déi Zoustänneg aus de regionale Gruppen, déi mat dëse wonnerbare Gesten ëmmer nees beweisen, datt d'Hëllef an d'Ënnerstëtzung vun deene Leit, deenen et net esou gutt geet, fir si keng eidel Wierder sinn.



# Von Jesus erzählen, aber in kleinen Geschichten

***Die christliche Mission ist heutzutage umstritten. Darf man für den Glauben und für Bekehrung überhaupt noch eintreten, werben, argumentieren, diskutieren?***

Bei Mission geht es heute „weder um die Behauptung einer Absolutheit des christlichen Glaubens noch um ein Rechthabenwollen, sondern um die Treue zu dem Auftrag, den Jesus uns gegeben hat", erklärte Hans-Jürgen Abromeit, der Greifswalder evangelische Bischof im Sprengel Mecklenburg und Pommern der Nordkirche, in den Informationen der Vereinigten Evangelisch-Lutherischen Kirche. Von diesem Auftrag könne man sich nicht freisprechen. Trotz interreligiösen Friedens seien Christen nicht „frei", auf den Missionsauftrag Jesu Christi zum universalen Heil aller Menschen zu verzichten. Die Frage müsse daher lauten, wie Mission in der sogenannten postmodernen Gesellschaft gestaltet wird, wie Jesus verkündigt werden kann, damit es zu Begegnungen mit ihm kommt, in denen er sich als die Wahrheit erweist.



Die Postmoderne, zeichne sich vor allem durch ein Wegfallen der Einheit und viele pluralistische Sinndeutungen aus. Das Christentum hat kein geistig-spirituelles Monopol mehr und muss sich auf dem „freien Markt" im Wettbewerb behaupten. Diese radikale Vielfalt produziert ein Nebeneinander von vielen kleinen Erzählungen, so Abromeit. Trotz aller Bescheidenheit habe der christliche Glaube etwas zu sagen – nur die große Geschichte, die von sich behauptet, die einzige, absolute Wahrheit zu sein, werde nicht mehr gehört. Daher sollte man von Jesus in kleinen Geschichten erzählen. Es sei zum Beispiel in der postmodernen Kultur interessant und alles andere als verwerflich, wenn jemand erzählt, was sein Leben trägt und wie Jesus Christus sein Leben verändert hat.

Damit sei der universale Anspruch von Jesus nicht aufgehoben, es sei aber nicht die Aufgabe der Christen, diesen Anspruch einzufordern. Die Botschaft bringe man als Bitte zu den Menschen. „Der Verzicht auf Gewalt und Zwang ist Kennzeichen einer bittenden Mission. Es war bereits das Motto der Reformatoren, ihre Veränderungen nicht mit Gewalt, sondern durch die Überzeugungskraft des Wortes zu bewirken." Das Evangelium müsse sich in der Konkurrenz mit „anderen Sinnanbietern auf dem Markt der Möglichkeiten" bewähren.

In den Worten der Wirtschaft heiße das, ein Händler kann sein Produkt anbieten, aber niemanden zwingen, es zu kaufen. Die christliche Mission biete Jesus als Wahlmöglichkeit an. Wer sich auf Christus einlässt, werde erfahren, dass sich in ihm Gott selbst zeigt.

***CIG Nr.15 /2016***

## Nur Vertrauen

Eben das heißt „Glaube": sich frei der Zukunft öffnen. Und solcher Glaube ist zugleich Gehorsam, weil er die Wegwendung des Menschen von sich selbst ist, die Preisgabe aller Sicherheit, der Verzicht, sich selbst, seine Geltung, sein Leben zu gewinnen, der Verzicht, auf sich selbst zu vertrauen, und der Entschluss, nur auf Gott zu vertrauen, der die Toten erweckt (2 Kor 1,9), der das Nichtseiende ins Sein ruft (Röm 4,17), die radikale Hingabe an Gott, die alles von Gott, nichts von sich erwartet, die damit gegebene Gelöstheit von allem weltlich Verfügbaren, also die Haltung der Entweltlichung, der Freiheit.

***Rudolf Bultmann (1884-1976) in: „Was protestantisch ist",***
***hg. von Friedrich Schorlemmer (Herder, Freiburg 2015)***

## *D'Kathoulesch Aktioun vum „Duerf" op der Schlussprëssessioun vun der Oktav 2016*

D'Schlussprëssessioun vun der Oktav ass
**e Sonndeg, den 1. Mee 2016**

D'Membere vun der **Kathoulescher Aktioun vum Duerf**,
de **Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer** an der **Lëtzebuerger Landjugend**
gi sech um **15:00 Auer** Rendez-vous op der Place Clairefontaine
beim Monument vun der Groussherzogin Charlotte.

D'Pilger kënne sech och an der rue Notre-Dame hannert dem Fändel vun der *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* uschléissen.


## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

*Verantwortung*:

**Aktioun**:
*Fernand Huberty* 44743-251
*Jean-Paul Schneider* 44743-251

**Duerf:**
*Romain Richer* 44 743-562
*Franz Glodt* 44 743-252

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*